Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch an der Justizministesch, Elisabeth Margue op d'parlamentaresch Fro N° 4856 vum 1. Oktober 2026 vum honorabelen Deputéierten Ricardo Marques an vum honorabelen Deputéierten Charles Weiler zum Sujet "Tournage d'un clip vidéo avec une machette dans l'enceinte d'une école à Differdange".

1. **Sinn d'Ministeren iwwert d'Ëmstänn informéiert, ënner deenen dëse Videodréi um Terrain vun enger Grondschoul zu Déifferdeng konnt stattfannen, a gouf dofir am Virfeld eng offiziell Autorisatioun ausgestallt?**

   De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend huet an senger Äntwert op déi parlamentaresch Ufro n° 1369 geäntwert dass, laut Gesetz, d'Gemengen fir d'Schoulgebaier zoustänneg sinn. De Prinzip vun der Autonomie communale déi d'Gemengen am Kader vum Gesetz ausüben spillt och an dësem Fall.

2. **Wéi eng Reegelen a Prozedure gëlle fir den Zougang zu an d'Notzung vu Schoulgebaier a Schoulhäff ausserhalb vun de reguläre Schoulzäiten, besonnesch am Kader vu privaten Dréiaarbechten oder aneren Aktivitéiten?**

   Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

   Den Zougang zu de Schoulgebaier an zu de Schoulhäff kann vum Gemengerot entweder am allgemenge Polizeireglement oder an engem spezielle Polizeireglement betreffend d'Schoulgebaier a Schoulhäff festgeluecht ginn.

3. **Wéi eng Sécherheetsvirschrëfte gëlle bei esou Aktivitéiten, besonnesch wat d'Matbréngen oder d'Benotze vu Waffen oder geféierleche Géigestänn op engem Schoulterrain ugeet?**

   Et sief nach eng Kéier op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

   Wat spezifesch den Transport an d'Benotze vu Waffen am zivile Beräich ugeet, ënnerleien dës ganz allgemeng de Reegelen aus dem Waffegesetz vum 2. Februar 2022. Dobäi sinn déi verschidde Waffekategorien ze berécksiichtegen.

4. **Gouf oder gëtt an dësem konkrete Fall gepréift, ob déi geltend Reegelen am Beräich vum Zougang, vun der Sécherheet an eventuell vum Ëmgang mat der am Video gewisener Machete agehale goufen?**

   Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

5. **Gesinn d'Ministeren Handlungsbedarf, fir zesumme mat de Gemengen d'Reegelen an d'Kontrollen am Zesummenhang mat der Benotzung vu Schoulinfrastrukturen ausserhalb vun de Schoulzäiten ze präziséieren oder ze harmoniséieren?**

Et sief op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen a ze bemierken, datt d'Festleeë vu Reegelen am Kader vun der Benotzung vu Schoulinfrastrukturen ënnert d'Autonomie communale falen.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN